# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE DES MILITAIRES ET ANCIENS MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

- Société de Secours Mutuels affiliée à la FNML -
(Fédération Nationale de la Mutualité Luxembourgeoise)

Nr 3. - 2015


MIR WËNSCHEN IECH
Schéi Chrëschtdeeg
&
AN ALLES GUDDES AM
Neie Joer



Sous le Haut Protectorat de
S.A.R. le Grand-Duc Henri



Kasär Dikrech 5



AIRBUS A400M 13




Dynastie-Buch 18

MILITÄR & EX-MILITÄR VERÄIN LETZEBUERG

Dezember 2015

# De Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär

ORGANE DE L'ASSOCIATION GRAND-DUCALE
DES MILITAIRES ET ANCIENS
MILITAIRES LUXEMBOURGEOIS

## Inhaltsverzeichnis

| | |
|---|---|
| Editorial | 3 |
| Inauguratioun Kasär Dikrech | 5 |
| Camera Diekirch - DVD 60 Joër Arméi zu Dikrech | 11 |
| Armée luxembourgeoise-Composante Aérienne | 13 |
| Musikparade Tréier 2016 | 16 |
| Wichtige Mitteilung | 17 |
| Zur besonderen Beachtung empfohlen | 17 |
| Dynastie-Buch vum Marc Schoentgen an Pierre Even | 18 |
| Veräinsreess 2016 | 19 |

## Impressum

**Editeur:**
Association Grand-Ducale des Militaires et Anciens Militaires Luxembourgeois
ISSN: 2418-4160

**Rédaction:**
Rol GIRRES · e-mail: rolgir@pt.lu
Romain HILGER

**Impression:**
Imprimerie HEINTZ

PRINTED IN LUXEMBOURG

**Régie publicitaire:**
PUBLIEST · e-mail: office@publiest.lu

# Éditorial



**D'Geschicht dréint sech.**

Eng extrem Form vun Terrorismus a Barbarei, vun engem fundamentalfanateschen Islamismus am Sënn vum Ausdrock „exekutéiert", deem all Mënschlechkeet egal ass, huet eis quasi iwer Nuecht a virun eiser Hausdiir an en Trauma gehäit; eng Katastroph, fir déi ee keng Wierder fënnt an déi engem den Otem verschléit.

Ganz Frankraich, d'ganz EU, esuguer d'ganz fräi Welt steet ënner Schock, bis erop zu den hëchste Staatsrepresentanten. D'Live-Biller op der TV, d'Informatiounen an de soziale Medien, déi dramatesch Zeienaussoen, dat alles am 24 Stonnentakt, maache bei deene meeschten europäesche Bierger eng stark Veronnsëcherung an Angscht.

Et brauch een Zäit fir dat alles ze verdauen, fir déi Schock-Biller ze verkraften, fir säi Leed a säi Matleed auszedrëcken a fir ze traueren. An engems musse mer ower elo analyséieren a probéieren ze verstoen wat, wéi a virwat dat geschitt ass, fir eng Äntwert an eng Reaktioun ze fannen. Dëst muss awer eng Äntwert sinn, déi iwer dat individuellt a kollektivt Leed a Matleed erausgeet. Blumme néierléen, sangen a bieden hunn eng immens sympathesch Säit, léisen ower knapps de Problem.

Wéi konnt et esouwait kommen … wat fir polizeilech, militäresch, politesch an diplomatesch Mëttele sinn néideg, fir de radikal-islamisteschen Terror Meeschter ze ginn. Et geet einfach net méi duer, fir d'Xte Kéier dësen Horror ze veruertelen; et mussen elo all d'Méiglechkeete beduecht ginn, fir endlech zerguttst dogéint lasszefueren!

No „Charlie Hebdo" haten der vill d'Illusioun, mir hätten mat däer Attack den absolut méiglechste „Worst Case" Szenario an Europa erlieft … „mir" waren einfach ze naiv fir äis kénne virzestellen, datt Attentater mat engem Ausmooss wéi zu Bagdad oder zu Beirut och hei bei eis, am Häerz vun der Demokratie, méiglech wären ('mir' dinn dach kengem eppes …).

Dës tragesch Evenementer sin dofir elo eng rieseg Erausfuerderung fir äis. Eisen Humanismus, den Individualismus, zesumme mat eiser pazifistescher Mentalitéit, hunn et schwéier, zouzeginn, datt mir spéitstens elo „am Krich" sinn; datt och eng Demokratie „Ennemië" kann hun déi se zerstéiere wëllen.

Mir hun och nach ëmmer e Problem domat, deem Feind e Gesiicht an e Numm ze ginn, aus falscher Angscht, eis muslimesch Matbierger ze stigmatiséieren. Et feelt eis och u Courage, fir d'Hannergrënn ouni Zécken ze analyséieren: ënner wat fir Konditiounen den islamisteschen Terror optaucht; wéi e sech an deem Mooss entwéckle konnt; wien en ënnerstëtzt; wien ufälleg fir seng radikal Ideologie ass … a wéi et äis méiglech ass, eppes dogéint ze maachen.

Eng ganz Rei vun eise Nopeschlänner hu joërelang zougelooss, dass fundamentalistesch Immame konnten Hass géint Demokratien, Judden a Chrëschte priedegen: Gotteslästerer an Ongleeweger – dat si fir si all déi, déi net esou denke wéi si – mam Doud konnten dreeën an extremistesch islamistesch Parallellgesellschaften konnten entstoen. D'Länner, aus deenen dës „islamesch Geeschtlech" komm sinn, waren an engems och Alliéierter vun onsen Nopeschlänner, dofir waren déi net besonnesch interesséiert drun, fir sech mat hinnen unzeleeë. Dëst sinn nun emol Wouerechten, déi een elo net méi ofléien a bagatelliséiere kann.



D'Attentäter vu Paräis hu mat fanatescher Doudesveruechtung do zougeschloen, wou et am meeschten wéideet: am Häerz vu "Liberté, Egalité, Fraternité", do wou eng gewëss Liichtegkeet, Gesellegkeet a Spaass e Stéck Liewensgefill sinn, verbonn mat der Iddi datt all Geleeënheet gutt ass fir „eng ze halen" … vläicht fir esou der haarder Realitéit op eng (deelweis selbstzerstéiresch Art a Weis) aus de Féiss ze kommen … e Phenomän, dee mir jo och hei kennen. Ëmsou méi dramatesch schléit dann elo d'Realitéit duer, den Doudiescht, am Sënn vum Ausdrock!

D'Attentäter vun New York haten d'Enn vun enger Illusioun agelaut, der Illusioun vun enger vereenegter a friddlecher Welt, an däer d'Gesetzer vum Maart mat de Wäerter vun de Mënscherechter kënnten harmonéieren, … och d'EU ass iwregens deelweis op dëser Illusioun opgebaut.

Mee zënter Paräis ass elo eng Grenz iwerschratt ginn. Mir hunn de "point of no return" erreescht. Mir wäerten ons wuel oder iwwel neess op d'Bedeitung vun eiser Geschicht musse besënnen an op d'Verdeedegung vun eisen Zivilisatiounswerter. Dat si mir all den Affer vu Paräis, awer och vu London a Madrid schëlleg!

**Rol GIRRES**
Adjudant-Major Hon.
Präsident




autopolis
DRIVEN BY EXCELLENCE

**L-8070 Bertrange**
**www.autopolis.lu**
Email : info@autopolis.lu
Tél (+352) 43 96 96 2700

# Aweiung vun der Dikrecher Kasär den 10. Juli 1955



Am Kader vum 60. Anniversaire vun den Aweiungunsfeierlechkeeten vun der Dikrecher Kasär, publizéirere mir heimat en historesche Rëckblëck op deen historeschen Dag mat 2 Rieden déi den 10. Juli 1955 um Härebierg gehale goufen.

Di 1. Ried ass d'Passage aus der d'Ried vum Dikkrecher Bourgermeeschter Henry Cravatte un di ugetrueden lëtzebuerger Zaldoten.

Di 2. Ried ass déi vum Arméiminister Pierre Werner.

* * *

Dimanche, le 10 juillet, des cérémonies militaires se déroulèrent à la nouvelle caserne à Diekirch à l'occasion de l'entrée officielle des troupes, auxquelles S.A.R. Monseigneur le Prince de Luxembourg daigna assister.

A 10 heures, un service religieux fut célébré en l'église paroissiale de Diekirch, suivi d'une prise d'armes à la caserne.

Au début de l'après-midi, de nombreuses personnalités affluèrent sur la grande aire de rassemblement où étaient alignées une compagnie du Centre Principal d'Instruction et une compagnie de la Garde grand-ducale avec musique militaire.

Parmi les personnalités on remarquait:

S. Exe. M. Joseph Bech, Président du Gouvernement, Ministre des Affaires Etrangères,

M. Pierre Werner, Ministre de la Force Armée, des Conseillers de Gouvernement,

M. Henry Cravatte, Bourgmestre de Diekirch, et les Echevins de la Ville ainsi que les membres du Conseil municipal,

le Colonel Will Albrecht, Chef d'Etat-Major de l'Armée,

le Lieutenant-Colonel Aloyse Steffen,
le Major Fallardeau,

le Lieutenant-Colonel Joseph Gilson,

le Major Feiten,

M. Hoscheid, Directeur de la Police locale étatisée, ainsi que de nombreux Officiers de l'Armée luxembourgeoise et les Directeurs des Administrations de l'Etat.

La troupe fut passée en revue par le Colonel Will Albrecht, par M. le Ministre de la Force Armée et par S.A.R. Monseigneur le Prince de Luxembourg.



Leschten Deel vum Dikrecher Buergermeeschter Henry Cravatte senger Ried un d'Zaldoten:

Meng letzt Wierder sin fir eis Zaldoten.

*Le' f Jongen!*

*Dir hutt d'E'er, als de' allerischt vun den letzeburger Jongen an desen prachtvollen an imposanten Camp ânzeze'en. De' Installatio'nen, de' hei geschâfe go'wen, erbrëngen den evidenten Beweis vun den schwe'eren Sacrificer, de' eist Vollik iwert sech höllt, fir sengt Recht op eng wirdeg Existenz ze secheren. Ne'erens könnt elo mi deitlech wie hei zu Diekrich dé Wöllen vun alle Letzeburger zum Ausdrock.*

*Dir Zaldoten kommt heihinner, fir hei èr militärisch Ausbildung ze kre'en an domatt èren Service fir d'Land z'erföllen. ,T ass klar, datt den Service militaire net vu jidderengem als eppes Agréables betruecht gött. De Service militaire huet jo och net den Zweck, aus dem Rekrut e perfekten Zivilist ze mâchen. Och an eisemn demokratische Land brëngt de Militärdëngscht Servituden mat sich, de' net duerdurch me' lîcht gin, wann én derge'nt rékrimine'ert.*

*Trotzdém èr Présenz zu Diekirch önnert dem Zechen vum Dëngscht um Land stét, wönschen mir Diekricher, datt se fir iech an all de', de' nach kommen, a sympathischer Erönnerong bleift.*

*Mir Diekricher se fro', datt dir heihinner kommt. Mat Ongedold hu mir op iech gewârt. Mit hätte gèren, wann eis Stâdt fir jidderén vun iech zu enger zwéter Hémecht ge' f, wu én sich elo a spidder ömmer wuel fillt.*

*Op desem Gebidd gött et och eng Diekricher Traditio'n.*

*D'Diekricher Wochenblâd vum 5. November 1842 huet én Bericht publize'ert iwer eng Fête zu dér d'Garniso'n ageluede war. D'Zeitong huet ervirgehuewen, datt d'Fête impregne'ert war vun enger Atmosphère vu bridderlecher Hèrzlechkét, de' all Mönsch de' f beândrockt huet. An allen Hèrzer wir d'Hoffnong fest begrönnt gin, dass des Sympathie zu he'chster Entwëcklong ke'm.*

*Dât wât töschent den âlen Diekricher Zaldoten vun 1842 me'glich war, muss och hett me'glich sen. Am Numm vun der Municipalite't gin ech jiddenfalls Iech, Monseigneur, an Erer Egenschâft als Inspecteur général vun der Arme', an Iech, Hèr Colonel, engt Verspriechen : d'Verspriechen, datt mir alles mân, wât vun eis ofhängt, fir d'mönschlech Relatio'nen töchent Garniso'n an Awunnerschâft geradeso' wie virun 100 Jahr op der Basis vu bridderlecher Hèrzlechkét opzebauen.»*

M. Pierre Werner, Ministre de la Force armée, prit alors la parole.

Voici le texte de son allocution :

*«Altesse Royale,*

*Här Burgermeschter,*

*Offizéier, Enneroffizéier a Mannschaften,*

*Dir Dammen an dir Hären!*

*Geschter ass an der Kasär vu Bitburg de letzeburgesche Fuendel agezunn gin. Haut get en hei um Härebierg iwer Diekerech héichgezunn.*

*Domat fent en éischt Kapitel an der Geschieht vun der neier letzeburger Arméi sein Ofschloss an en neit Kapitel fenkt un.*

*Déi zwé Bataljounen, déi am November 1945, virun baal 10 Joer, iwer Sauer a Musel gaange sin, sin démols souzesoen an d'Onbekannt erausgezunn.*

*De Militärdengscht wor knapps agefouert, d'Arméi stouch nach an de Kannerschong a schons ass eng grouss international Missioun er zougefall. Et konnt een sech froen, waat dobei erauskomme könnt. Getrei de Responsabilitéiten, déi er mat der nei eruwerter Freihét zougefall sin, huet d'Regéirong deemols iewer net gezeckt, hire Beidrag zu der Okkupatioun vun Deitschland ze liweren. An et huet sech erausgestallt, datt déi Transplantatioun an e friemen Territoire leschten Enns den Opbau vun der Arméi erlîchtert huet. Net nemmen huet daat zeitweilegt Lassléisen vum alldéglechen Entourage d'Kohésioun an d'organescht Wuessen vun onser klenger Arméi begënschtegt, ma och déi materiell Önnerkonft huet sech enner méi gënschtege Conditiounen gestallt, wéi een se an der Zeit bei ons hätt kenne fannen.*

*Nodem, waat e geschter héiere konnt, kann een och unhuelen, datt d'letzeburger Zaldoten an den Aen vun den alliéierten Autoritéiten a speziell vun de franzéische Kommandanten hir Saach gudd gemaach hun an datt och déi deitsch Populatioun d'korrekt Optrieden vum durchschnettleche letzeburgeschen Zaldot ze wirdegen wosst.*

*An der Teschenzeit hunn Regéirong a Parlament gesuergt, fir an onsem Land der Arméi e neien, modernen, gesonden Foyer ze eriichten. An deen zéie mer haut aan. Et ass e wichtege Moment, wou d'Arméi souzeson en neie Ménage ufenkt. Well déi materiell Bedingongen, déi d'Instruktioun vum Rekrut emgin, sin net ouni Wirkong op seng Moral, op seng Leeschtong, och op seng Weiderentwecklong am zivile Liewen. ,T ass net op desem Daag, wou mer d'Realisatioun vum Camp militaire vun Diekerech am eenzelnen wirdege wellen. Daat iwerlosse mer der offizieller Aweihongsfeier, déi spéider stattfanne werd. Mä haut kenne mer schons soen, datt d'Letzeburger Vollek net gescheit huet, senge Jongen eppes Neies, Modernes, Grousseges dohin ze setzen, well et weess, datt deene Maueren sein deierste a stolzeste Besetz, d'Kirper an d'Séilen vu senge Jongen, uvertraut solle gin.*

*Et ass net fir d'éischt an onser Geschicht, datt Diekrech Garnisounsstaad ass. Et ass een vun deene villen Exemp-*



*Den Arméiminister Pierre Werner bei der Abschiedszeremonie zu Bitburg*

*len, déi beweisen, datt d'Geschicht sech emmer repetéiert an datt déi nämlecht Viraussetzongen och déi nämlecht Folgen mat sech brengen.*

*Vun elo un ass Diekrech mat der Arméi verwuess, an dee frendleche Wellkomm, deen den Här Burgermeeschter zum Ausdrock bruecht huet, léisst op e gudd Zesummeliewen schléissen.*

*Am Numm vun der Arméi soen ech merci fir dee Wellkomm. De va-et-vient an onsem Camp militaire werd d'Staadbild vun Diekrech alt e besehe veränneren. Am Gesellschaftsliewen, an de Geschäfter, an de Vereiner werd sech d'Präsenz vun den Truppen an hire Cadren auswirken.*

*Den Heiserbau huet schons den Undriff kritt. Mir wenschen, datt sech all déi Ännerongen am geschtege Sen zum Wuel vun Diekrech an zum Wuel vun der Arméi auswirke sollen. D'Arméi ass drop beduecht, datt se sech virun den Diekrecher net ze schumme braucht.*

*An Dir Diekrecher kennt Ert derzou beidroen.*

*D'Manéier, wéi se am deeglechen Liewen mat Ere Matbierger auskent, ass den Test vum Geescht vun der Arméi. Duerfir hutt och Dir eng Responsabilitéit, déi, wéi ech weess, Dir ze droen am Stand sidd. Ech geng wenschen, datt sech bei Iech fir d'éischt eng konstruktiv öffentlech Meenong iwer d'Arméi entweckele geng, eng öffentlech Meenong, déi mat der Arméi fillt an er helleft, hir menschlech Problemer ze leisen.*

*Offizéier an Enneroffizéier!*

*En neie Cader deet sech op, an dem Iech de Jonktem vum Land eng Zeit uvertraut gett.*

*Et ass keng deischter, fieht, dompech a muffech Kasär, wéi een se alt emol an der Vergaangenheet kannt huet. Et ass e Camp militaire mat all deem Hellen, Leftegen, Freien, waat de Begreff «camp» an sech schléisst. Feiert déi Männer, déi Ich uvertraut gin, léiert se, instruéiert se an enger opgeschlossener Festegkeet an enger menschlecher Disciplin. Et ass an hirem eegenen Interesse, well d'Schicksal vun enger Unitéit henkt vun der prompter a gescheckter Durchféierong vun den Uerderen of. Huelt iewer Rücksicht op hir Schwächen, op hir Nerven, hei ans do och op hir Angscht a sieht se mensch'ech ze erfaassen. Enner sieht och d'Reklamatiounen, grendlech, gewessenhaft, daat ass d'Wiesen vun der Demokratie. An Dir sitt eng demokratesch Arméi.*

*Ech weess, et ass och net emmer liicht fir Iech. Et kent leider vir, datt Der ongezillte Jongen ennert d'Fangere kritt, datt Der souzesoen daat, waat d'Elterenhaus ennerlosst huet,*

*Dir nozehuelen hutt. Et stellen sech psychologesch Konflikter je no dem Milieu, wou d'Rekruten hirkommen. Dir musst deene verschiddenen Mentaliteiten Rechnong droen, an ,t kann een net verlaangen, datt all Enneroffizéier en ausgebilte Pädagog sollt sin.*

*Et ass net, datt daat, waat ech soen, eppes Neis fir lech ass. Er Cheffen soen lech et zenter Joeren, an Dir gitt lech Méi, fir et strikt ze observéieren. Mä ewéi am Menscheliewen ee sech virun deene grousse Momenter am Liewen besannt an seng Idee zurechtleet, fir déi nei Phas a voller Form unzegoen, sou bieden ech lech och haut, un d'Fuerderongen vun Erem Leadership, un Er immens Responsabilitéiten ze denken an en neie geeschtegen Ulaaf ze huelen, fir sie ze meeschteren.*

*Rekruten an Zaldoten!*

*Brengt och Dir e gudde Wollen an en opgeschlossene Geescht mat an den neie Camp. D'öffentlech Autoriteiten befleissege sech, fir lech d'Period vum Service militaire an allen Hinsichten esou profitabel ewéi méiglech ze maan. Allerdengs bleift nach mueneches ze maen. Mir denken alt, datt elo, wou Der méi no sitt, eng ganz Partie Saachen, déi nach nemmen um Pobeier stongen, verwirklecht werde gin. De Gesondheetsdengscht, och déi intellektuell a moralisch Virubildong mussen ausgebaut gin.*

*Iwer déi materiell Conditiounen vun Erer Ennerkonft hei zu Diekrech werd Dir lech, soubaal de Camp ganz ferdeg ass, wuel net bekloen können.*

*Mä doriwer eraus denkt drun, datt Der eng national Opgaaf erföllt. An denkt och un d'international Portée vun Erem Dengscht. An denkt net, daat Joer war fir lech a fir d'Welt verluer.*

*Dir stitt an enger Reih mat Eren Altersgenossen vun den alliéierten Länner, fir am Noutfall, Er Familjen, Er Heiser, Er Gewaanen ze schëtzen.*

*Dir breicht net e Joer Dengscht ze maen, wann dobaussen an der Welt iwerall d'Jongen doheem genge bleiwen.*

*De Militarismus, dee leit ons net. Mir wössen och, datt eng letzeburger Arméi, op sech eleng gestallt, onst Land net verdeedege kann. Mä mir wessen och, datt den elementarsten Anstand, déi elementarst Solidaritéit, ons Eier an onsen Usproch op Freiheet an onsem Land no onser Idee ze schalten an ze walten, verlaangen, datt mer eppes fir d'Ganzt maen, onse Beidrag ze leeschten fir d'Verdeedegong vun de Werter, déi ons mat aaneren gemeinsam sin.*

*Datt dobei eng Regéirong deene speziellen demographeschen a wirtschaftlechen Verhältnessen hei am Land Rechnong ze droen huet, datt se ze suergen huet, datt den Effort esouwuel menschlech ewéi wirtschaftlech gesinn, net déidlech fir d'Land soll sin, daat versteet sech vum selwen. An ech kann lech versecheren, datt et eng permanent Suerg vun der Regéirong ass, fir am Rot mat den Alliéerten onse militäreschen Effort rationell an erdréiglech ze erhaalen.*



*Mir stin net eleng, an Dir stitt net eleng, an Dir ennerbaut mat ons d'Liewensrecht an d'Freiheetsrecht vum letzeburger Vollek.»*

Pour clôturer cette cérémonie qui marque une date importante dans l'histoire de notre Force armée, le drapeau luxembourgeois fut hissé sur le mât, tandis que la musique de la Garde grand-ducale exécutait l'hymne national.

A l'issue de la cérémonie, l'Administration communale de Diekirch offrit une réception en l'honneur des invités de marque, alors que la musique du Corps de la Garde donna un concert à Diekirch qui fut vivement applaudi par la foule et qui marqua ainsi la fin d'une grande journée.

Source: Ministère d'Etat, Service Information et Presse,
Bulletin de documentation, juin-juillet 1955, No 6-7.





OPTIQUE
wirtz
since 1976
DIEKIRCH GREVENMACHER ECHTERNACH
www.optique-wirtz.lu

IMMO-MACEDO
L'agence de confiance à Bissen !
661 - 85 92 28
www.immo-macedo.lu



CINO MILITARY EQUIPMENT
Ausrüstung für Airsoft - und Paintball - Spieler
Bekleidung und Zubehör für Militär und Reservisten
Ausrüstung für Jäger und Sportschützen
Kleidung
Rucksäcke
Tragesysteme
Tarnnetze
Waffenpflege
Taschen
Holster
Munition für Airsoft
Messer
Schutzbrillen / Gehörschutz
… und vieles mehr
CINO - Equipment I 6, am Elbert
L-6121 Junglinster I G-D de Luxembourg
T (+352) 661 666 033 I info@cino-equipment.lu
www.cino-equipment.lu


AGRANDIR
l'habitat
Agrandissement • Rénovation
Aménagement intérieur • Rangement sur mesure
WWW.AGRANDIR.LU
26 94 94 1


Domaine viticole
PUNDEL-HOFFELD
Caves
PUNDEL-ERR
Vins et crémants de la Moselle luxembourgeoise
Dégustation et vente sur rdv
21-25, rte du Vin, L-6841 MACHTUM
Tél. 75 02 76 / cpundel@pt.lu
www.pundel-hoffeld.lu


CEL
www.cel.lu


bopro®
Real Estate advisory
Life Cycle Costing Bilan Carbon
TransactionManagement&Investment
Sustainable Development
Due Diligence PortfolioAnalysis
Cost studies GreenAssessments
ProjectManagement
Strategies for buy, sell, hold, renovate
BELGIUM - LUXEMBOURG
www.bopro.be
BOPRO Luxembourg I 63-65 Rue de Merl I 2146 Luxembourg I T: +35 2 22 72 36 279


HOTEL - RESTAURANT - WELLNESS
HOTEL KOENER
14 Grand-Rue 9710-Clervaux tél. 92.10.02 mail@koenerclervaux.lu

# Ciné Caméra DIEKIRCH


DVD
"60 Joer Arméi zu Dikrech"
mat ale Filmer

| | | |
|---|---|---|
| 01. | Ons Garde | 07:57 |
| 02. | 1er Bataillon d'Artillerie | 08:22 |
| 03. | Unité d'Intervention Territoriale | 09:47 |
| 04. | Belukos 3 | 34:17 |
| 05. | Paraden, Manöver, Exercicen... | 14:34 |
| 06. | D'Arméi, een Job mat Zukunft | 03:01 |
| 07. | Marche de l'Armée 1996 | 23:38 |
| 08. | De Sprengkommando | 06:10 |

Extra Offer fir d'Membre vum
"Lëtzebuerger Militär an Ex-Militär Veräin"
18,00 € aplaz 20 € (Normalpräis).
Bestellen duerch Iwwerweise vun
18,00 € pro DVD op de Konto vum
"Ciné-Caméra Diekirch "
BILLLULL • LU45 0026 1153 0160 0000
mat der Mentioun "DVD 60 Joer".

CINÉ CAMÉRA DIEKIRCH

Ciné-Caméra Diekirch
c/o Louis SCHMITZ
B. P. 4 • L-9201 DIEKIRCH
T. 80 96 67
E-mail: louissch@pt.lu





AZZURRO properties

Résidence ISATIS
Millebaach - Luxembourg-Ville
à proximité de Limpertsberg

AAA Résidence passive triple A
28 logements de haut standing
1-3 chambres de 52-134m²





APPART. 002 AU RDC
96 m²
2 chambres
jardin 101 m²
terrasse 28,5 m²
680 000 €*





APPART. 101 AU 1ER ÉTAGE
96,5 m²
2 chambres
balcon 13 m²
638 000 €*





APPART. 204 AU 2E ÉTAGE
92,5 m²
2 chambres
balcon 10,5 m²
627 000 €*





APPART. 208 AU 2E ÉTAGE
94 m²
2 chambres
balcon 13 m²
641 000 €*

T.+352 26 39 35 azzurro@azzurro.lu www.azzurro.lu
Achèvement début 2017. * Prix TVA 3% incluse
architecture urbanisme

lalux
ASSURANCES

meng Versécherung

Gruen John s.à r.l.
Agence d'assurances

Siège social: Schifflange

Bureau: 4, place de la Paix
L-4275 Esch-sur-Alzette

Tél.: 26 55 53
Fax: 26 55 53 54
Gsm: 691 335 337

Email: john.gruen@lalux.lu

www.lalux.lu


ALVISSE
PARC HOTEL
Organisez vos réunions, évènements et fêtes de famille dans un nouveau décor !
Le Parc-Hotel Alvisse 4*, met à votre disposition
• 12 salles complètement rénovées, climatisées, équipées allant de 10 à 1.500 personnes
• 320 chambres et studios « grand confort »
• Un parking gratuit de 450 places
• Un restaurant gastronomique, une cuisine adaptée à vos goûts et à vos besoins
Nous vous invitons à visiter l'hôtel et à découvrir toutes nos offres
« business » pour l'organisation de vos réunions, conférences et évènements d'entreprise
« particuliers » pour l'organisation de vos baptêmes, communions et mariages
Contactez-nous par téléphone au +352 43 56 43 ou par email à events@parc-hotel.lu
120, Route d'Echternach | L-1453 Luxembourg | tél.: +352 43 56 43 | email: info@parc-hotel.lu


ARAL
Alles super.
SHOP
Friedhaff S.A. (Aral Tankstelle)
Rond-Point Bamerthal
L-9378 Friedhaff-Diekirch
Tél: (00352) 26 80 47 56


Moris
HOTEL - RESTAURANT MORIS
1, Place de Martyrs
L-7201 WALFERDANGE
Tél.: +352 33 01 05 - 1
Fax: +352 33 30 70


DA COSTA ALMEIDA S.À R.L.
TRANSPORTS
Z.A.R.E Ilot Ouest 34
L-4384 EHLERANGE
Tél.: 26 58 05 02 - Fax: 26 58 05 11
GSM: 621 15 69 40 / 621 13 77 35
E-mail: cleonel@pt.lu

# Armée luxembourgeoise - Composante Aérienne.




*Die künftigen A400M-Piloten:*
*Gilles Van Dyck, Gilles Loos und Daniel Olsem (v.l.n.r.).*

Luxemburg hat sich beim Kauf eines A400M zur Ausbildung von sechs Piloten verpflichtet, die in die belgische Crew eingegliedert sind. Fünf befinden sich in der Ausbildung, der sechste und letzte wird noch in diesem Jahr rekrutiert. Vom Eintritt in die Ecole Royale militaire in Brüssel bis zum ausgebildeten Flugkapitän vergehen gut und gerne 15 Jahre.

Der 29 jährige Gilles Van Dyck, wie alle anderen A400M-Piloten machen ihre Ausbildung auf der C-130 Hercules, dem Vorläufer des A400M, Auslandseinsätze für die EATC, das Europäische Lufttransportkommando, dem sieben Länder angehören, darunter Belgien und Luxemburg. Die meisten Flügen sind logistischer Natur, beide Co-Piloten haben aber auch eine taktische Flugausbildung, dürfen also in Krisengebiete fliegen.

Gilles Loos ist der jüngste in der Runde. Ende 2014 machte der 28-Jährige seine ersten Flugerfahrungen. Er fliegt ausschließlich logistiche Ausbildung schließt er frühestens Ende 2016 ab.

C-130 und A400M sind zwar keine Kampfjets, dennoch erinnern die drei Luxemburger Piloten irgendwie an die Typen von Top Gun: Sie sind jung, sportlich, sehen gut aus und sind selbstbewusst. Ein gewisser militärischer Drill ist unverkennbar: gerade Haltung, höfliches Auftreten, aufmerksames Zuhören. Leutnant Van Dyck entschuldigt sich, als er Oberstleutnant Pascal Ballinger, dem luxemburgischen Verbindungsoffizier bei der belgischen Luftwaffe, aus Versehen dazwischenredet, und wartet, bis dieser seine Gedanken zu Ende ausgeführt hat.

**Wer zweimal patzt, ist draußen**

Die Anforderungen an den Pilotenjob sind nicht die mindesten. «Man muss stressresistent und flexibel sein», sagt Leutnant Loos. «In diesem Job lernt man nie aus», erzählt Leutnant Van Dyck. Jedes Jahr müssen die Piloten sich einem Flugtest unterziehen. «Wer ihn zweimal vermasselt, ist draußen», sagt Leutnant Olsem.

Fragt man sie, ob sie Angst vor dem Scheitern haben, schauen sie ganz verblüfft. Diese Frage stellen sie sich nicht. Für ihren Traumjob nehmen sie alles in Kauf: die Ausbildung, die nie zu enden scheint und während der immer wieder Neues von ihnen verlangt wird, Flugtests, Bewertungen, unregelmäßige Arbeitszeiten, Einsatzbereitschaft zu jeder Tag- und Nachtzeit, das Wissen um das frühzeitige Ende einer Flugkapitänkarriere. Mit 45 Jahren ist nämlich sehr häufig Schluss. Dann erwartet die jungen Wilden ein Bürojob innerhalb des Militärstabs.

Olsem und Van Dyck haben bereits heute einen «Ground Job», damit sie Einblick in andere Teilbereiche erhalten, wie sie sagen. Olsem ist im Bereich «Flight operations» für das Planen und Ausarbeiten von Einsätzen zuständig, Van Dyck ist «Officer in charge» und verantwortlich für die Planung der Trainingsflüge und die Fallschirmsprünge. Gilles Loos hat noch keinen «Ground Job». Er soll sich auf das Fliegenlernen konzentrieren.

Damit die teure und langwierige Ausbildung sich auszahlt, liegt das Rekrutierungsalter in Luxemburg zwischen 18 und 24 Jahren. Bisher gab es noch keine Verluste. Niemand ist gescheitert oder hat aufgegeben. Gilles Loos «kostete» bisher 1.6 Millionen Euro. Die Trainingsflüge werden von der belgischen Armee in Rechnung gestellt. Eine Flugstunde kostet im Schnitt zwischen 6000 und 7000 Euro. Daniel Olsem hat noch rund 250 Flugstunden vor sich, bevor er die Ausbildung zum Flugkapitän beginnt.

**Pioniere in der militärischen Luftfahrt**

Bis jetzt hat keiner der drei Piloten Flugerfahrung auf einem A400M. Die sechsmonatige Umschulung beginnt erst kurz vor der Auslieferung, denn sobald die Piloten umgeschult wurden, dürfen sie keine C-130 mehr fliegen. Die belgischen Bestimmungen erlauben keine doppelten Qualifikationen.

Der drei Leutnants sind stolz, hierzulande zu den Pionieren in der militärischen Luftfahrt zu zählen. Und sie wehren sich gegen das negative Bild, das die Menschen ihrer Meinung nach vom Projekt A400M haben. «Luxemburg wird erstmals nich nur einen rein finanziellen, sondern einen operativen Beitrag leisten und dadurch an Glaubwürdigkeit und an Visibilität in der internationalen Militärgemeinschaft gewinnen», ist Leutnant Olsem überzeugt. Auch Leutnant Van Dyck ist daran gelegen, den Menschen, die sich fragen, wozu Luxemburg ein solches Flugzeug braucht, klarzumachen, «dass die Maschine nicht rein nationalen Zwecken dient, sondern Teil unseres Nato-Beitrags ist».

Den Absturz eines A400M Anfang Mai nahe Sevilla bedauern die Piloten. «Es ist traurig, wenn Menschen für technische Fehler mit ihrem Leben bezahlen», sagen sie. Sie gehen aber davon aus, dass der Militärtransporter bis 2019 in einem technisch einwandfreien Zustand sein wird und hoffen vor allem eins: Dass sich der Auslieferungstermin nicht weiter verzögert. (mig)

Luxemburger Wort

# Der große Vogel

**Der Einsatz des Militärfliegers wird Luxemburg mehr Glaubwürdigkeit und mehr Visibilität in der internationalen Gemeinschaft verleihen**

Am 13. Juni 2001 unterzeichneten Luxemburg und Belgien ein Koperationsabkommen über den Kauf und den Betrieb von acht Militärflugzeugen des Typs A400M. Luxemburg erhält das erste der acht Flugzeuge, das zusammen mit den anderen Maschinen in Belgien stationiert wird. Der Auslieferungstermin ist für Februar 2019 geplant. Daran soll sich auch nach dem Absturz einer A400M nahe Sevilla Anfang Mai nach aktuellem Kenntnisstand nichts ändern. Mit der Beteiligung an dem Projekt beginnt für die Luxemburger Armee eine ganz neue Ära.

Mit dem umstrittenen Kauf des A400M, der für heftige Diskussionen in der Politik und in der Gesellschaft gesorgt hat und selbst dem aktuellen Verteidigungsminister Etienne Schneider nicht wirklich schmecken will, begann für die Luxemburger Armee eine neue Zeit. Luxemburg wird als Mitglied der EU und der Nato im strategischen Lufttransport nicht mehr nur einen finanziellen Beitrag leisten, sondern sich am operativen Geschäft beteiligen.

Luxemburg stellt sechs Piloten und echs Loadmaster. Sie werden Teil einer belgisch-luxemburgischen Lufttransporteinheit. Die Hoheit über den Einsatz der Luxemburger Maschine, der sechs Piloten und der sechs Loadmaster aber behält das Luxemburger Verteidigungsministerium. Die Militäreinheit rund um die Flotte - Piloten, Techniker, Air Trafic Controller, meteorologen usw. - besteht aus 950 Personen. Für die Wartung ist die belgische Luftwaffe zuständig.

Der A400M hat eine größere Reichweite und eine größere Nutzlast als seine Vorgänger Nutzlast als seine Vorgänger Lockheed C-130 und Transall. Bis zu 116 Mann (samt Material) finden in dem Flieger Platz. Mit einer Länge von 45 Metern, einer Breite von 42.4 Metern und einer Höhe von 14.6 Metern können auch zwei Dingos à 12.5 Tonnen transportiert werden.

Die Entscheidung über den Standort der acht Militärtransporter fällt voraussichtlich erst in diesem Herbst. Zwei Stützpunkte stehen derzeit zur Wahl: Melsbrock und






Florennes. Laut Oberstleutnant Guy Hoffmann, der für die Koordination des A400M-Projekts zuständig ist, wird der Flieger Luxemburg am Ende nicht mehr kosten als ursprünglich vertraglich festgelegt. Im Gesetz von 2005 waren 120 Millionen Euro festgehalten worden. Inflationsbereinigt werden es am Ende 168 Millionen Euro gezahlt. Die restlichen Zahlungen erstrecken sich bis 2024. Ist der große Vogel erst einmal da, kommen auf Luxemburg geschätzte jährliche Operationskosten in Höhe von zwölf bis 15 Millionen Euro zu.

Immer wieder kam es wegen technischer Probleme zu Verzögerungen bei den Auslieferungen. Bislang wurden zwölf von insgesamt 170 bestellten Transportern ausgeliefert: sechs an Frankreich, zwei an die Türkei, zwei an England, einer an Deutschland und einer an Malaysia. Der Absturz einer Maschine nahe Sevilla vor einem Monat hat Airbus erneut viel Kritik eingebracht. Oberstleutnant Hoffmann bezeichnet die technischen Probleme als „Kinderkrankheiten“. Er ist überzeugt, dass diese Mängel bis 2019 behoben sein werden. „Der Transporter befindet sich momentan auf der technischen Entwicklungsstufe 1,5“, erklärt er. Bei ihrer Auslieferung sei die Luxemburger Maschine auf dem finalen Entwicklungsstand 3,0. Bis dahin wird die Maschine Hoffmann zufolge auch taktische Flüge ausführen und Fallschirmspringer absetzen können.

**Dem Flieger eine Chance geben**

Der luxemburgische Verbindungsoffizier bei der belgischen Luftwaffe, Pascal Ballinger, hält die häufig negative Berichterstattung über den A400M, besonders in den deutschen Medien, für überspitzt. Er ist der Ansicht, man sollte dem Flugzeug erst einmal eine Chance geben. Problem bei der Entwiklulng und Verzögerungen bei Rüstungsprojekten seien keine Seltenheit, meint der Oberstleutnant. „Das war bei der C-130, beim Eurofighter oder der Transall nicht anders.“

Text: Michel Gantenbein

## Votre conseiller dans la construction

Spécialisée dans l'assistance à la maîtrise d'Ouvrage dans le domaine de la **coordination Sécurité et Santé sur les chantiers temporaires ou mobiles ainsi que dans la réalisation des états des lieux avant travaux**, la société **GERI MANAGEMENT** vous propose un service de qualité et un suivi adapté à vos besoins.

Compétence, proactivité, efficacité et disponibilité sont les maîtres mots qui définissent le bureau et dictent notre conduite par rapports aux projets.

**GERI MANAGEMENT** est ainsi pour le maître de l'Ouvrage un interlocuteur de confiance.

Pour plus de renseignements, nous contacter:

GERI Management

**GERI MANAGEMENT**
56, rue d'Athus
L – 4710 Pétange
Tél: (352) 26.50.25.41
Fax: (352) 26.50.25.42
E-mail: geri@geri.lu - www.geri.lu





Gudd Dikrich
Restaurant & Takeaway

8, Place de la Libération • L-9255 Diekirch • Tel.: +352 26 80 45 35

dikrich@gudd.lu | www.dikrich.gudd.lu



El Gaucho

RESTAURANT SUDAMERICANO

2, route de Finsterthal – L-7769 Bissen
Tél: 26 88 51 35 – Fax: 26 88 72 35
www.elgaucho.lu – gaucho@elgaucho.lu

Ma-Ve: 12h00-15h00 • 19h00-00h00
Sa-Di: 19h00-00h00 • Lundi: fermé

Réservations uniquement par téléphone!





DANS UN MONDE QUI CHANGE
IL N'Y A PAS DE RÊVES TROP GRANDS POUR NOS ENFANTS

ENGAGEONS-NOUS AUJOURD'HUI POUR LES GÉNÉRATIONS FUTURES
En agence, au 42 42-2000 ou sur bgl.lu

Communication Marketing Novembre 2015

BGL BNP PARIBAS

La banque d'un monde qui change


## L'Association Grand-Ducale des Militaires et anciens Militaires Luxembourgeois

tient à remercier tous les annonceurs pour leur soutien apporté lors de cette édition de son magazine.




Rol's Sound & Cruise Company

# Rols' Sound & Cruise Company

Dir braucht Musek fir äert Fest …?

Dir wëllt mat ärem Veräin oder mat Frënn op eng flott Croisère … ?

Besicht d'Company ënnert

**Tél.: 621 196 781**

www.rscc.lu • e-mail: rgirres@rscc.lu

# De Lëtzebuerger Militär & Ex-Militär

Heimat invitéiert ons Association Iech härzlechst
op der **Militär & Musikparade**
de **14. Februar 2016 zu Tréier** deelzehuelen.

## PROGRAMM:

Départ um 10.00 Auer zu Keespelt (Demy Cars ),
um 10.30 Auer P&R Howald,
um 11.00 Auer um P&R Waasserbëlleg (Grenz).

Géint 11.30 Auer sin mir zu Tréier am Zentrum,
wou mir am Restaurant vum Hotel Park Plaza reservéiert hun.

Den Event fängt em 15.30 Auer an der Trier-Arena un, (ongeféier 3 Stonnen)
dourno treffe mir ons beim Bus an mir fueren zesummen heem.

Den Ticket & Bus & Iessen am Restaurant kaschten 70 € pro Persoun.

Fir deelzehuelen iwwerweist w.e.g déi respektiv Zomm op de Kont
vun der Caisse d'organisation des anciens Militaires Luxembourgeois
LU23 1111 0116 1774 0000 - CCPLLULL
Vermierk: Tréier - Numm Virnumm - Wivill Platzen an «Keespelt» oder «Howald» oder «Wasserbëlleg»

Nodeems d'Suen um Kont sin kritt Dir d'Billjéen heemgeschéckt.

**D'Platzen si begrenzt, an di éischt si viir …**

Fir eventuell Froen känt dir gär de Coordinateur vun deser Rees uruffen:
**Léon SUNNEN · 34 , rue Portland · L- 4281 Esch-Alzette · lsunnen@pt.lu · Tél.: 00352 621393730**

**Rol GIRRES**, Präsident



## Wichtige Mitteilung · Avis important

Nach der Einführung der neuen SEPA Verordnungen durch die EU ist es uns ab diesem Jahr nicht mehr möglich die jährlichen Beiträge unserer Mitglieder wie bisher über eine Domizilierung (Domiciliation) abzubuchen.

Zur Vereinfachung des immer größer werdenden administrativen Aufwandes für unseren Schatzmeister (Trésorier) empfehlen wir deshalb jedem unserer Mitglieder bei seiner Bank oder bei der Post (CCPL) einen „Dauerauftrag (Ordre permanent)“ für den jährlichen Beitrag in Auftrag zu geben, so dass an einem Stichdatum (bevorzugt vor dem 15. Februar) eines jeden Jahres der Betrag automatisch an unseren Verein überwiesen wird.

**Zur Erinnerung: Kontonummer der Association Grand-ducale des Militaires et Anciens Militaires luxembourgeois (AMAM): CCPLLULL : LU59 1111 0026 7556 0000**

Für weitere Fragen steht Ihnen unser Schatzmeister Romain BONNE jederzeit gerne zur Verfügung. (Tel: 621 130 004 - e-mail: kippchen@hotmail.fr)

All jenen die sich für die Zahlung nach Erhalt einer Rechnung entscheiden sei abschließend noch gesagt, dass es ab diesem Jahr nur noch eine zusätzliche Zahlungsmahnung (Rappel) geben wird. Das Nichtbezahlen des jährlichen Mitgliederbeitrags vor dem 31. Dezembers zieht zwangsläufig einen Ausschluss aus dem Verein nach sich.

Im Voraus besten Dank für für Ihr Verständnis.

---

Après l’introduction des nouvelles directes SEPA par l’UE, il ne nous est dorénavant plus possible de débiter les cotisations annuelles par voie de domiciliation.

Afin d’alléger la tâche administrative de plus en plus importante de notre Trésorier, nous vous saurions gré de bien vouloir établir un Ordre Permanent à cette fin auprès de votre banque ou des Postes (CCPL), afin que nous soit virée la cotisation annuelle à une date fixe (de préférence avant le 15 février) à définir par vous-même.

**Pour rappel, le numéro bancaire de l’Association Grand-ducale des Militaires vet Anciens Militaires luxembourgeois (AMAM): CCPLLULL : LU59 1111 0026 7556 0000**

Pour toute question relative à ce sujet, notre Trésorier Romain BONNE se tient à votre disposition (Tél.: 621 130 004 - e-mail: kippchen@hotmail.fr)

Pour tous ceux désirant recevoir une facture, il est porté à leur connaissance que dorénavant il ne sera envoyé qu’un seul rappel, et que tout non-paiement de cotisation au 31 décembre entraînera inévitablement l’exclusion de notre association.

Merci d’avance pour votre bienveillante compréhension.

---

## Zur besonderen Beachtung empfohlen

Adressenänderungen sollten dem Sekretär unverzüglich mitgeteilt werden.

Neue Mitglieder, die nach ihrem Vereinsbeitritt eine eheliche Verbindung eingehen sind gebeten dem Kassierer die Personalien des Ehepartners (Name, Vorname, Geburtsdatum) sowie das Datum der standesamtlichen Heirat zu übermitteln.

Nach der Geburt oder Adoption eines Kindes ist eine entsprechende Geburts- oder Adoptionsurkunde, bzw.nach Ableben eines Mitgliedes (membre associé) ein Exemplar der Sterbeurkunde an den Kassierer einzusenden. Nur so kann die entsprechende Leistung auch ausgezahlt werden.

Wünschen sie die Präsenz der Vereinsfahne an der Begräbnisfeier, wenden sie sich bitte an den Vereinssekretär der «Association Grand-Ducale des Anciens Militaires».

**M. Romain BONNE**
Caissier
4, rue Tschiderer· L-9288 DIEKIRCH
Tel.: 621 130 004 · e-mail: kippchen@hotmail.fr

**M. Romain HILGER**
Secrétaire
Etat-Major de l’Armée
38-44, rue Goethe · L-1637 LUXEMBOURG
Tel: 26 848-217 · e-mail: romain.hilger@armee.etat.lu

## Buch - Dynastie




## Die Autoren

**Marc Schoentgen** wurde 1969 in Luxemburg geboren und lebt seit acht Jahren in Schengen. Der Vater einer Tochter arbeitet hauptberuflich als Polizeibeamter in Remich und ehrenamtlicher Präsident des Syndicat d'Initiative Schengen. Als Fotograf hat er sich mit zahlreichen Projekten, darunter Freilichtausstellungen wie „Schengen - En europäescht Wënzerduerf a seng Awunner" (2010), „Schengen - Vins et Vues" unter anderem in Berlin und Brüssel (2011), „Fashion Moments" (2013) auf dem Luxemburger „Knuedler" sowie als Herausgeber einer „Gëlle Fra"-Trilogie (2011) einen Namen gemacht. Beeindruckend ist der besondere Blick des Fotografen für Details. Dabei spielt es keine Rolle, wo genau die Bilder entstanden sind. Was zählt, ist die Aussage. Und in dieser Hinsicht beweist der Fotograf außergewöhnliches Gespür. Bisher sind von Marc Schoentgen erschienen: „Schengen - En europäescht Wënzerduerf" (2010), der Bildband „Vun der Rief zum Wäin" (2011) und der „Lëtzebuerger Wochekalenner" (2012).

**Pierre Even** wurde 1946 in Wiesbaden geboren. Von 1966 bis 1973 studierte der aus einer Beforter Familie stammende Luxemburger Rechtswissenschaften, Geschichte und Musik in Frankfurt am Main, Würzburg und Mainz und legte 1976 das Große Juristische Staatsexamen ab. Verheiratet seit 1976, hat der Rechtsanwalt, Komponist und Privathistoriker zahlreiche Veröffentlichungen zur Geschichte Luxemburgs und Nassaus vorgelegt. Er ist Korrespondierendes Mitglied des Institut grand-ducal de Luxembourg, Section historique, sowie Mitglied der Historischen Kommission für Nassau. Seine Königliche Hoheit Großherzog Henri von Luxemburg ernannte ihn 2007 zum Commandeur des Zivil- und Militärverdienstordens Adolphs von Nassau und 2010 zum Hofarchivar.




## Léif Memberen,

De Comité huet d'Eier an de Pleséier iech op eng flott an interessant Reess 2016 z'invitéieren.

U Bord vun der MS Seine Princesse geet et vum **3. bis den 8. September** vu Paräis iwert Les Andelys, Honfleur, Duclair bis op d'Plages de débarquement vum 6. Juni 1944.

Zeréck geet et iwer Rouen neess op Paräis.

**All weider Detailer an Réservatioun iwert:**

**www.rscc.lu · e-mail: rolgir@pt.lu · Tel.: 621 196 781**


B my home
FANN DÄIN DOHEEM MAT E PUER KLICKEN OP B-IMMOBILIER.LU
B IMMOBILIER – IMMOBILIEBERODUNG AN -TRANSAKTIOUNEN
B
NEW
BUY
RENT
44 rue de Vianden
L-2680 Luxembourg
T 26 44 13 88
44 rue GD Charlotte
L-7520 Mersch
T 621 551 171
7 rue du Marché
L-9260 Diekirch
T 26 81 13 99
contact@b-immobilier.lu
www.b-immobilier.lu
B IMMOBILIER
BINGEN & ASSOCIÉS